N°3698
Entrée le 06.03.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

**Äntwert vum Kulturminister op d'parlamentaresch Fro n° 3698 vum 25. Februar 2026 vun den honorabelen Deputéierte Stéphanie Weydert a Jean-Paul Schaaf**

- **Weess den Här Minister Bescheed iwwer des kontinuell Verschlechterunge vun de Konditioune ronderëm d'Fotoausstellung „Family of man"?**
    - **Wa jo, wéi eng Mesurë gedenkt hien ze ergräifen, fir dem entgéint zewierken?**
- **Ginn déi Sécherheetsagenten spezifesch forméiert, fir an engem Musée den Accueil vu Visiteuren ze maachen, éier se an den Asaz kommen?**
- **Ass den Här Minister der Meenung, datt d'Qualitéit vun engem UNESCO-Weltkulturierwen net misst besser iwwerwaacht ginn?**
- **Wéi eng Iwwerwaachung ass sur place garantéiert fir des eemoleg Fotoen ze schützen?**

Den Accueil an d'Sécherheet am Schlass ginn zënter Joren duerch eng Sécherheetsfirma assuréiert, déi d'Surveillance an d'Accueil-Servicer no professionellen Norme garantéiert. Dës Organisatioun gouf am Joer 2025 strukturell verstäerkt, andeems zousätzlech zu den zwee externen Agenten am Accueil eng Gestionnaire opérationnelle am CNA fest agestallt gouf, déi zanter Mee eng permanent operativ Präsenz um Site assuréiert.

D'Roll vun dëser Funktioun ëmfaasst d'gesamt Koordinatioun vum Site op operationellem Niveau. Si geréiert d'Kommunikatioun iwwer Telefon a E-Mail (fom@cna.etat.lu), ass Haaptkontaktpersoun fir extern Interlocuteuren a Fournisseuren a baut aktiv regional Partnerschafte mat der Gemeng Cliärref, a regionalen Hoteller a Restauranten aus.

Am Beräich vun der Organisatioun vun de Visite guidées assuréiert si d'Gestioun vun allen Demanden (telefonesch an elektronesch), d'Koordinatioun mam ORT an de Guiden, d'Kontroll vum wéchentleche Visittekalenner, a schéckt d'Confirmatioun un d'Clienten.

Zousätzlech iwwerhëlt si administrativ a verschidde finanziell Suivien, an ënnerstëtzt eis Responsabel Maintenance. Si iwwerwaacht den techneschen Ënnerhalt vum Gebai.

Parallel dozou bleift d'Roll vun den Agenten am Accueil kloer definéiert: Si assuréieren den Empfang vun de Visiteuren, den Ticketsverkaf, d'Op- an Zouspäre vun der Ausstellung an déi permanent Surveillance vun de Raim a Wierker. Si si méisproocheg (Franséisch, Englesch, Däitsch, Lëtzebuergesch) a kënnen eng kuerz inhaltlech Aféierung ginn.

Bis November 2025 waren zwee erfueren extern Agenten am Asaz, déi iwwert méi Joer um Site geschafft hunn. Am November dunn ass ee vun dësen Agenten duerch eng nei Persoun ersat ginn, déi no präzise Krittäre rekrutéiert gouf an eng strukturéiert Aféierungs- a Formatiounsperiod duerchlaaft huet. Deen erfuerenen Agent huet ënner anerem eng ICOM-Formatioun am Beräich Mediatioun absolvéiert a gouf och intern weidergebilt; dës Ufuerderung gëllt och fir nei Agenten.

D'Unzuel vun den Agenten am Accueil gouf Ufank 2025 vun dräi op zwou Persounen ugepasst, well en drëtten Agent sech am Alldag net als noutwenneg fir de gudde Fonctionnement erausgestallt huet. Den Agent de Salle gouf domat net suppriméiert, mee seng Präsenz ass bewosst diskret an un de reelle Besoin ugepasst. Zousätzlech kann den Accueil am Bedarfsfall och duerch d'Gestionnaire opérationnelle oder en drëtten externen Agent ënnerstëtzt ginn.

Bei Gruppen ass eng physesch Präsenz am Ausstellungsraum systematesch garantéiert: an dëse Fäll geet ee vun den Agenten aktiv an de Sall, fir d'Iwwerwaachung direkt ze assuréieren.

Zanter ville Jore schafft de CNA enk a kontinuéierlech mam Office Régional du Tourisme (ORT) Éislek zesummen. Iwwer dës Zesummenaarbecht assuréiere Guiden d'Visitten an der Ausstellung, déi zanter Joren um Site aktiv sinn an d'Inhalter vun „The Family of Man" fundéiert kennen. Dës Guiden hunn eng spezifesch Formatioun fir d'Ausstellung kritt a suivéiere reegelméisseg Weiderbildungen, ënner anerem am Kader vun ICOM-Formatiounen, fir d'Qualitéit vun der Mediatioun permanent ze garantéieren.

Zënter dësem Joer gouf dës Zesummenaarbecht formell duerch en Tripartite Kontrakt tëscht dem CNA, dem ORT an de Guiden definéiert. Dëst ënnerstäicht déi professionell Struktur vun der Kollaboratioun.

Et war zu kengem Zäitpunkt virgesinn, dës erfuere Guiden z'ersetzen. Fir d'Qualitéit an d'Disponibilitéit vun de Visitten och laangfristeg ze garantéieren, gouf iwwert verschidde Kanäl vum CNA en Opruff lancéiert, fir nei Guiden ze recrutéieren.

D'Zil ass dobäi net, onerfuere Persoune spontan anzesetzen, mee geziilt Leit mat relevante Kompetenzen oder Erfarung am kulturelle Beräich ze gewannen, déi virun hirem Asaz eng spezifesch Formatioun fir d'Ausstellung duerchlafen. Dëst garantéiert, datt d'Mediatioun och an Zukunft op engem héije professionellen Niveau bleift an dem Statut vun engem UNESCO-klasséierte Patrimoine voll entsprécht.

- **Gëtt et als Folleg vun der Pann un der Klimaanlag e Problem mat der Fiichtegkeet am Schlass ?**
  - **Wa jo, si Fotoen doduerch beschiedegt ginn?**

D'klimatesch Konditioune vun der Ausstellung baséiere strikt op international unerkannte Conservatiounsstandarden fir fotografesch Originaler. Déi appliztéiert Referenzwäerter leie bei enger idealer Temperatur vun 19,5°C bis 20,5°C (am Summer maximal 21°C) an enger relativer Fiichtegkeet vu 45 % bis 55 %. Dës Parametere ginn deeglech kontrolléiert a systematesch protokolléiert. D'Iwwerwaachung geschitt permanent iwwer d'GTC-System a gëtt ergänzt duerch eng wéchentlech technesch Kontroll sur Place duerch eng extern Firma, déi d'Maintenance an d'technesch Gestioun vum Gebai assuréiert.

Bei der Maintenance vun der Klimatisatioun am Juli 2025 gouf bestätegt, datt ee vun de zwee Kompressere vun der HVAC-Anlag defekt a net reparabel war. Fir all potenzielle Risiko fir d'Wierker direkt auszeschléissen, goufen ouni Verzögerung adequat a präventiv Mesurë geholl. De funktionéierende Kompresser gouf esou integréiert, datt en och d'Funktioun vum zweeten iwwerhëlt. Och wann dëst eng Belaaschtung vun 100 % bedeit huet, konnt d'Stabilitéit vum System garantéiert ginn. De 25. Juli 2025 goufen zousätzlech véier Entfiichter installéiert, fir d'Hygrometrie weider ze stabiliséieren, an et gouf e verstäerkte Monitoring agefouert, fir all Schwankung direkt kënnen ze dokumentéieren an ze analyséieren.

Et gouf keng dauerhaft Iwwerschreidung vun de konservatoresch relevante Grenzwäerter, an d'klimatesch Konditioune bloufen zu all Zäitpunkt ënner Kontroll.

Parallel dozou goufen direkt zwee nei Kompressere bestallt, een als Ersatz fir den defekten an een zousätzlech als präventiv Mesure. D'Installatioun konnt den 2. Dezember 2025 ofgeschloss ginn.

- **Wéi ass des Entwécklung vereinbar mat den Efforten, déi am Zesummenhang mat der „image de marque“ vu Lëtzebuerg bei den Touristen an den auslännesche Visiteure gemaach ginn?**

D'Entwécklung ronderëm d'Klimaanlag an déi technesch Upassunge steet net am Widdersproch mat den Efforten am Beräich vun der „image de marque“ vu Lëtzebuerg – am Géigendeel, si ënnersträicht se.

Déi séier, präventiv a professionell Reaktioun op d'technesch Situatioun weist, datt d'Conservatioun vum UNESCO-Mémoire-du-Monde Patrimoine héchst Prioritéit huet. D'Klimawäerter goufen zu all Zäitpunkt permanent iwwerwaacht, et gouf direkt an déi néideg Modernisatiounen investéiert, an d'Integritéit vun de Wierker war ni a Gefor. Dëst entsprécht internationale Standarden an dokumentéiert eng verantwortungsvoll a kompetent Gestioun.

Gläichzäiteg gouf d'international Visibilitéit vum Site weider gestäerkt. D'Ausstellung ass reegelméisseg medial couvréiert ginn, ënner anerem duerch Reportagen op France 3 Lorraine an duerch en Optrëtt an der Emissioun „La Grande Balade“. Parallel dozou goufe substantiell Projeten entwéckelt an ëmgesat: d'Lancéiere vun engem groussen internationale Projet mam Nikkei fir Japan 2026 (115 Wierker am Dialog mat zäitgenëssesche Kënschtler), d'Organisatioun vun engem annuelle Symposium, d'Entwécklung vum wëssenschaftleche Buch vum Shamoon Zamir (*Photography and Citizenship: The Art and the Politics of the Family of Man*), d'Recherche zesumme mat der Uni.lu an dem Fonds National de la Recherche iwwert d'Receptioun vun der Ausstellung zu Lëtzebuerg an international (*FOMLeg*), d'Preparatioun an den Ufank vum grousse Renumérisatiounsprojet am Januar 2026, souwéi eng substantiell Verstäerkung vun der Mediatioun (Re-Editioun vum Livre d'or, participativen Zeecheraum, Audioguide „Vu Kanner fir Kanner“, Präsenz op der Schoulfoiren, Luxembourg Museum Days, Visitte fir Persoune mat Héierschwieregkeeten). Zousätzlech gouf eng limitéiert Auer am Kader vum 70. Anniversaire an Zesummenaarbecht mat LAPS realiséiert.

Dës Projeten, ronderëm *The Family of Man*, droe konkret dozou bäi, Lëtzebuerg als dynameschen, innovativen a verantwortungsvoll handelnde Kulturstanduert ze positionéieren a weisen, datt d'Ausstellung net nëmmen als historesche Patrimoine erhalen ass, mee sech aktiv weiderentwéckelt, wëssenschaftlech kontextualiséiert an international vernetzt.

Lëtzebuerg, de 6. Mäerz 2026

De Kulturminister

(s.) Eric Thill